

Wéi Passwierder ersat solle ginn

RTL | Update: 24.05.2022 17:00



© Pixabay

Passwierder sollen eis Konte virun Hackere schützen. Vill Leit huelen dës Sécherheet vläicht net ganz esou eescht, soss wier dat meescht genotzte Passwuert zanter Joren net "123456". Fir eng Grëtz méi sécher ze ginn, gouf schonn d'2-Faktor-Authentifizierung agefouert, mee souguer déi ass wuel net sécher genuch. Dofir soll elo eng nei Technologie komme vun der FIDO-Alliance. FIDO steet fir "Fast Identity Online" an dohannert stinn e puer 100 Firmen, déi de Sécherheitsstandard eropbréngen wëllen. Wéi dat soll ausgesinn, weess den Dennis Fink vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg.

Dennis Fink: Dobäi muss een e Gerät hu wéi en Handy oder et kann ee sech och en externt Gerät kafen, wou sougenannte Passkeys, also Schlüsselen drop gespäichert sinn. Wann ee sech dann elo bei engem Service alogge wëll, gëtt ee gefrot, fir dës Schlüsselen ze entspären. Dat mécht een da mat engem Fangerofdrock oder engem Knäppchen o.ä. an dann gëtt e Protokoll ausgefouert, fir sech sécher um Service anzeloggen.

Dobäi wierkt d'2-Faktor-Authentifizierung dach schonn esou sécher. Nieft dem eegene Passwuert huet een nach eng zweet Instanz, fir eis ze versécheren. Kann déi esou einfach geknackt ginn?

Dennis Fink: Wann een elo d'2-Faktor-Authentifizierung huet, wou een iwwert eng SMS en Zuelecode zougeschéckt kritt, deen ee muss aginn, do kënnen d'SMSen ofgefaange ginn. Dat gëllt och fir esou en Hardware Token, wou een de Code kritt, déi kann een och ofgräifen. Déi sinn

natierlech just fir eng gewëssen Zäit gültig, mee heiansdo geet dat duer, fir sech an e Service anzuloggen an d'Passwierder ze änneren an och den 2-Faktor erauszehuelen.

De FIDO2 System, deem d'Passwierder ersetze soll, kënnt do natierlech mat sengen eegene Vir- an Nodeeler.

Dennis Fink: FIDO2 huet de groussen Virdeel, dass een da kee Passwuert méi brauch. Dat kann een dann, an deem Sënn, och net verléieren oder duerno gefrot ginn. En Nodeel ass, dass d'Gerät, wou een d'Passkeys drop huet, wann een dat verléiert a kee Backup dovunner gemaach huet, dann ass et méi schwéier sech erëm anzuloggen.